

## Wou ass d'Plaz vun deene jonke Baueren an der Gesellschaft?

**Agrarpolitesch Stellungnahm vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer,  
virgedroe vum Fränz Schlechter, Vizepresident vun de LJB&JW**

Léif Éieregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Dës Woch hu mir schon - zesumme mat anere landwirtschaftlechen Organisatiounen - eng Stellungnahm zu den aktuelle Problematiken an eisem Sektor virgeluecht. Haut den Owend wëlle mir nach emol op e puer - aus eiser Siicht - wichtig Punkten agoen, déi déi agrarpolitesch Aktualitéit betreffen an eis Iwwerleeungen a Virschléi virbréngen.

### **Sektorieel Leitpläng**

Am Summer huet déi nei Regierung déi véier sektorieel Leitpläng virgestallt. D'LJB&JW begréissen et, datt eng geziilt Landesplanung gemaach gëtt, an domat de Flächeverbrauch gebremst gëtt. Wa mir d'Landwirtschaft zu Lëtzebuerg ënnerstëtze wëllen, kënne mir net all Quadratmeter an eisem Land zoubauen. Dëst ass evident!

Et gesäit jo zënter dëser Woch esou aus, wéi wann dës Pläng elo net direkt a Kraaft géifen trieden. Mir sollen dovu profitéieren, fir Ännerungen am Sënn vun der Landwirtschaft virzehuelen. Hei e puer Iwwerleeungen a Beispiller vun äis, wou dringend muss nogebessert ginn, fir datt d'Landwirtschaft – a virun allem déi jonk Baueren - an hirer Entwécklung ënnerstëtzt ginn an kee Schued dovun droen:

- Am *Plan sectoriel paysage*, lafen op ville Plazen définéiert Zonen direkt hannert de Betriber laanscht, oder esouguer duerch ganz Betriber. Fir déi zukünfteg Entwécklung vun dese Betriber net ze bremsen, fuerdere mir, datt all bestehende Betrib aus dësen Zonen erausgeholl gëtt, an d'Limite vun der Zone, 300 Meter vum Betrib ewechbleiwen. Bei den Industriezonen ass jo och esou eng *Zone tampon* virgesinn. Nëmme esou setzt d'Regierung en Zeechen, wann si d'Landwirtschaft net ausbremse wëll!

Mir froen äis och, wat fir eng weider Naturschutzoplagen an dësen Zonen an Zukunft op äis duerkommen, an erënneren nach emol drun, datt mir eis Betriber laangfristeg ausriichten, an et deemno net esou einfach méiglich ass, fir eis Fläche kuerzfristeg anescht ze notzen. An dem Zesammenhang fuerdere mir de *Plan sectoriel paysage* op e Minimum ze reduzéieren an d’Bewirtschaftung vun alle landwirtschaftliche Flächen exklusiv fir eng produktiv Landwirtschaft virzegesinn. Mat dëser *Zone agricole*, ouni Bewirtschaftungsoplage fir d’Landwirtschaft, géing d’Regierung weisen, datt d’Landwirtschaft hir wichtig ass.

- Am *Plan sectoriel logement* ginn da sougenannten *Zones d’envergure* op verschiddene Plazen am Land ausgewisen. Et ass, wéi schonns dës Woch gesot, iwwerdräiwen, wéivill Flächen do fir Wunnraum einfach vun uewen erof ausgewisen gi sinn. Eis Betriber brauchen dëst Land fir ze bewirtschaften. Hei dierfe keng Expropriatioune virgeholl ginn an aktiv Bauere mussen hiert Eegentumsland duerch Land ersat kréien. Eis Betriber hu méi ewéi 60% vun hirer Notzfläch gepacht, an hei stellt sech konkret d’Fro vun der Entschiedegung vum Pächter, wann hie grouss Deeler vun senger Betriebsfläch verléiert, well do Logementer entstoe sollen. Bei jonke Baueren ass de Pachtundeel éischer nach méi grouss an de Risiko verschäerft sech! Hei muss eng Léisung fir d’Entschiedegung fonnt ginn, op d’mannst fir déi flächegebundene Primen, déi dee Moment verluer ginn.
- Am leschte Punkt am Zesammenhang mat de *Plans sectoriels* wëlle mir dann d’Virkaftsrecht vum Staat a vun de Gemenge kritiséieren. D’LJB&JW hunn déi lescht Joren op verschiddene Plaze gefuerdert, datt eng Regelung vum Landkaf ausgeschafft muss ginn, fir de jonke Baueren den Zougang zum Eegeland ze vereinfachen. Op dëser Plaz hu mir e Virkaftsrecht fir d’Landwirtschaft, eng Steiererliichterung fir de Verkeefer - wann en un den aktive Bauer verkeeft -, oder awer e Modell, wéi de franséische SAFER gefuerdert. Et ass fir äis esou net ze verstoen, datt eis Iddie vun der Partei, déi de Staats- an de Landwirtschaftsminister stellt, zréckgewise goufen, mam Argument, eis Fuerderunge vum Virkaftsrecht géifen zevill an d’Eigentumsrecht eragräifen. An elo - wou si an der Verantwortung sinn - spillt d’Eigentumsrecht iwwerhaupt keng Roll méi...! Wou bleift do nach d’Glawierdegkeet vun eiser Politik?

### **D’Bauere mussen vun der N7**

Zu der Landesplanung gehéiert och den Transport, an an deem Kader soll jo de Verkéier op der Dräibunn tëschen dem Friedhaff an der Wämperhaart nei geregelt ginn. Dës Strooss huet eng schlecht Reputatioun. Et goufen ewell vill Accidenter mat ville Blesséierten a villen Doudegen. Den zoustännege Ministär huet ufanks Oktober eng Rei Mesure virgestallt, fir d’Strooss méi sécher ze maachen. Zu deenen zielt och, datt

d'Trakteren net méi iwwert d'N7 fueren däerfen an op Nieweweeër - op gutt Lëtzebuergesch gesot – op Feldweeër auswäiche mussen. An eisen An kann dat et net sinn! Mussen deemno elo nees d'Bauern dru gleewen, well d'Politik et jorelaang verschlof huet, fir d'Dräibunn méi sécher ze maachen.

Déi meescht Leit heibannen am Sall wësse jo, wéi eng Maschinnen an der Landwirtschaft agesat ginn. Si sinn sech bewosst, datt et net méiglech ass, fir grouss Trakteren beispillsweis 35 km wäit op Feldweeër an dann nees duerch Dierfer mat Velo- an Autostraffik fueren ze loossen, wou ee bedenke muss, datt bei Géigeverkéier net vill Auswäichméiglechkeete bestinn. An ech brauch sécher kengem ze soen, wéi d'Bilanz vun den Accidenter dann no e puer Joer wäert ausgesinn.

Do derbäi kënnt, datt déi Feldweeër deelweis an engem schlechten Zoustand an net ganz breet sinn. Fir dës Mesuren durchzeféieren misst och erëm vill Geld investéiert ginn, wat der Sécherheet vun der N7 net weiderhëlleft. Op verschiddene Plaze mussen d'Trakteren awer nees op d'Dräibunn fueren, well do kee Feldwee derlaanscht verleeft.

D'LB&JW proposéieren deemno, datt niewent der Dräibunn - do wou et méiglech ass - eng véiert Bunn gebaut gëtt, déi als Kriichspuer genotzt ka ginn. Do kënnten déi Suen, déi fir den Entretien vun de Feldweeër gebraucht ginn, vill méi sënnvoll agesat ginn; dovun hätt jiddereen eppes an - virun allem - géif d'Sécherheet bedeiht verbessert ginn. Mir fannen et och wichteg, datt d'Landwirtschaft op eng gutt Infrastruktur zrëckgräife kann, wat der Kompetitivitéit vun hirer Aarbecht zegutt kënnt.

An enger vun den Informatiounsversammlungen hunn ech den Här Minister François Bausch invitéiert, fir mat mir en Tour mam Trakter iwwert déi Feldweeër ze maachen an ze gesinn, datt ee vill Zäit verléiert an datt et deelweis geféierlech ass. Ech bieden hei den Här Minister Fernand Etgen, fir den Här Minister François Bausch un dës Invitatioun ze erënneren. Wann hien da mat mir mam Trakter fiert, maachen ech och en Tour mam Tram mat him ☺.

### **Biotopen**

En anert Thema, wat äis um Häerz läit, betrëfft d'Biotopen! Mir wëllen fir d'Éischt emol kloerstellen, datt mir grondsätzlech net géint Biotopen sinn; mir fannen et wichteg, datt wäertvoll ekologesch Fläche geschützt ginn. Mir fannen et awer schlecht, wéi de Biotopkadaster ëmgesat ginn ass. Hei hätte mir äis méi Transparenz - a virun allem - méi Dialog gewënscht. Et ka jo net sinn, datt et vun haut op muer heescht, datt eng Wiss - déi ëmmer normal bewirtschaft ginn ass - einfach elo als Biotop betruecht gëtt, wou kee weess, wat en elo nach maachen dierf a wat net, a firwat een dee Biotop kritt huet! Do kënnt nach derbäi, datt dës Biotope vun 2004 un opgeholl gi sinn. Dat ass schonn 10 Joer hir, a wéi jidderee weess, kann an 10

Joer vill passéieren. Dofir gëtt et vill Plazen, wou et kee Biotop méi gëtt. Mir hoffen dofir, datt all déi Biotopen ugepasst ginn. D'Bedeelegung vun der Landwirtschaft - vum Moment vun der Kartierung un - hätt vill Problemer verhënnere kënnen. Mir kënnen just soen „aus Fehlern lernt man“ a mir hoffen, datt sech dat an Zukunft ännert.

En anere Punkt, sinn déi ugekënnegt Strofmesuren: Hei hoffen mir, datt dës net ëmgesat musse ginn. Mir stellen äis awer d'Fro, wat geschitt, wann e Betrib e Biotop weider esou bedreift, wéi en dat bis dohi gemaach huet, an de Biotop trotzdem verschwënnt? Oder wann e Betrib sech un de Leitfaden hält an de Biotop och da verschwënnt. Kritt de Betrib dann trotzdem eng Strof, och wann alles gemaach ginn ass, wat gefuerdert gouf?

Mir gesi jo um Beispill vun de Programme vun der Ganzjoresbeweedung - och nach Kirpach-Programmer genannt - déi den Ëmweltministär scho jorelaang héich subventionéiert an wou och nach an d'Strukturen investéiert gëtt, dass dës Programmer kee Succès hunn, an deemno net zu weidere Biotope gefouert huet! Vill vun dëse Wise sinn net klasséiert ginn! An der Grondiddi, sinn dës Programmer jo gemaach ginn, fir d'Biodiversitéit ze förderen an d'Biotopen ze erhalen. Domat missten déi Zoustänneg am Ministär jo erkennen a verstoen, datt esouguer, wann een alles richtig mécht, een net ëmmer Succès huet.

Mir hoffen op alle Fall, datt de Ministär an Zukunft Verständnis weist, fir d'Bewirtschaftung vun eise Flächen, wéi se am Betrib gebraucht gëtt, an hei net op Strofen zeréckgräift.

#### **Ëmweltoplagen zu 100% bezuelen**

Op Drock vu Bréisseler Direktiven an nationale Reglementer, ginn Ëmweltoplagen erstellt, un déi eis Betriber sech upasse mussen. D'Membere vun de LJB&JW verstinn, datt dës Oplagen néideg sinn a si gewëllt, hir Betriber unzepassen. Dës Oplage bréngen awer ëmmer e Plus u Käschte mat sech, wat dozou féiert, datt d'Rentabilitéit vun eise Projeten a Fro gestallt ass. Mir mussen entweder de Projet fale loossen oder eis Produktioun steigern, fir dës Plus u Käschten ze decken.

Ech kann lech d'Beispill nenne vun den aktuellen Oplagen, déi mir vum Waasserwirtschaftsamt kréien, wa mir eng nei Zetär bauen. Neierdénge mussen d'Dichtegkeetsfolien an d'Leckerkennungsinstallatioune mat installéiert ginn. Jee no Projet kann dat bis zu 40.000 € kaschten. Dat si vill Suen, déi awer guer keen Akommes mat sech bréngen. Mir fuerderen deemno, datt all d'Oplage vu Säite vum Ëmweltministär zu 100 % entschiedegt ginn. Wann dat net de Fall ass, sinn all dës Ëmweltoplagen nämlech kontraproduktiv zu der Virstellung vun eiser Regierung: Si belaaschten d'Familljebetriber a fuerderen e séiere Strukturwandel an der Landwirtschaft.

## TTIP

D'Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer sinn - wéi déi meescht vun lech scho matkritt hunn - eng vun deene 17 Organisatiounen, déi sech zesummege doen hunn an der Plattform „Stop TTIP“ - de Fräihandelsaccord tëschent Europa an den USA. Iwwert den TTIP ass déi lescht Méint vill geschwat ginn. Zil vun esou engem Accord ass et, all méiglech Handelsbarrièren ofzebauen. Et ass äis bewosst, datt esou e méiglechen Accord Chancen a Risiken fir d'Landwirtschaft bréngt. An eisen An sinn d'Risiken awer méi grouss wéi d'Chancen. Europa an Amerika hunn därmoosse verschidde Produktiounsstandarden. Dës däerfen op kee Fall vermëscht ginn.

Duerch eng vollstänneg Liberaliséierung vun den Agrarprodukter kënn virun allem de Fleischmarkt an Europa ënnert d'Rieder kommen. Déi Formen, wéi d'Déieren an Amerika gehale ginn, si méi käschtegëschteg, wéi déi hei an Europa. Dëst ass esouwuel bei de Ranner, wéi awer och bei de Schwäin an den Hénger de Fall. Dobäi kënn nach den Asaz vun Hormoner, déi d'Maascht méi séier a käschtegëschteg mécht. Trotz den Transportkäschte wier d'Fleesch, wat an Amerika ënnert deene méi nidderege Standarde produzéiert gouf, méi bëlleg op eis Marchéen ze bréngen, wéi eist eegent. Eng vollstänneg Liberaliséierung géif an Europa d'Aarbechtsplazen an dësem Sektor op d'Spill setzen. D'Politik huet äis bis elo versprach, datt et bei dëse sensibele Produkter net zu enger vollstänneger Liberaliséierung kënn an datt Quoten ausgehandelt wäerte ginn. Hei si mir awer skeptesch, a mir gesinn eng Gefor doran, datt beispillsweis an de Verhandlungen, d'Interessie vun der europäescher Landwirtschaft zugonschte vun deene vun der Automobil-Industrie op d'Spill gesat ginn.

An der Agrarindustrie an Amerika gëtt zu den TTIP-Verhandlung gesot: „Europa muss seng Landwirtschaft moderniséieren“. Ënnert dem Stréch heescht dat, datt mir an Zukunft GVO-Zorten asetze sollen. Op eng Technik, déi vun der breeder Bevëlkerung ofgelehnt gëtt, a vun där nëmmen déi grouss multinational Firmen profitéieren, solle mir verzichten. Et ass bekannt, dass Lobbyiste vun deenen zwou groussen amerikanesche Firmen, déi am GVO-Beräich aktiv sinn, um Verhandlungsdësch sëtzen. E méiglechen TTIP-Ofschluss däerf net zu der breeder Aféierung vun der Gentechnik an Europa féieren!

### **EU-Parlament: kee Lëtzebuenger an der Landwirtschaftskommissioun**

De 25. Mee 2014 si mir alleguer en neit EU-Parlament wile gaangen. Den Ausgang vun de Wahlen an déi domat verbonnen nei Opstellung vum Europäesche Parlament hunn dozou gefouert, datt elo kee Lëtzebuenger Verrieder méi an der Agrarkommissioun vum Europäesche Parlament sëtzt. Dëst fanne mir immens schued. D'Agrarpolitik ass déi eenzeg gemeinsam europäesch Politik a se verbrauch nach ëmmer

bal 40 % vum europäesche Budget. Mir stellen äis hei d'Fro, op eis Lëtzebuerger Parteien d'Landwirtschaft nach als wichtegen Dossier ugesinn?

### **Budget-Aspuerungen**

Bei den Budget-Aspuerunge stelle mir äis déiselwecht Fro: Eis Regierung huet sech jo virgeholl, fir richtig am Staatsbudget ze spueren; mir verstinn dëse Schratt, mee mir zweifelen awer u verschiddene Moossnahmen.

Et ass schued, datt d'Ënnerstëtzung fir d'Pläng vun de Ställ an Zukunft ewechfällt. Dës Mesuren trëfft virun allem déi Jonk, well si am Ufank vun hirer Betribsiwwernahm investéieren, fir hire Betrib nohalteg opzestellen. Mir waren immens frou, datt am Kader vum Agrargesetz - mat lech Här Minister - een *Top up* vu 15% op den Investitiounsbäihëllefen ausgehandelt gouf. Fir datt d'Ënnerstëtzung fir déi Jonk awer déiselwecht bleift, fuerdere mir elo, datt Dir den *Top up* elo op 20% eropschrauft, esou wéi Bréissel et erlaabt, an äis iwwer dee Wee bei de Planungskäschten ënnerstëtzt!

Dësweidere fanne mir et keng gutt Iddi, fir de Stroumzouschoss ofzeschaffen an dofir d'Mehrfahrenversécherung méi héich ze subventionéieren. Dës Versécherung ass virun allem interessant op de Kulturen, an huet keng Virdeeler an der Mëllechproduktioun, obschonn dës Betriber mam *Tarif agricole* ënnert d'Äerm gegräff kruten.

### **Fusioun AGRIGESTION & SER**

D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer bedauern, datt d'Landwirtschaftskammer AGRIGESTION opgëtt an datt se an de *Service d'Economie Rurale* integréiert gëtt. Fir äis ass dëst e grouse Feeler! Eis Landwirtschaftskammer hätt vun der AGRIGESTION profitéiere kënnen, fir en effizienten a kompetente Berodungsdéngscht opzebauen, deen d'Produktioun an d'Economie zesummen analyséiert an d'Bauere ganzbetriplech beréit, esou wéi dat am Ausland op ville Plazen de Fall ass. Dee Moment hätt een d'Planzeberodung aus der Landwirtschaftskammer an d'AGRIGESTION integréiere kënnen. Domat wier och d'Aufgab vun eiser Landwirtschaftskammer méi kloer definéiert, déi hirem Rôle als Berufsverriedung eleng kënnit nooen. Si hätt e staarke Berodungsdéngscht niewent sech gehat, fir eise Baueren an den zukünftigen Erausforderungen ënnert d'Äerm ze gräifen!

D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer hu scho viru Joren - op dëser Plaz - déi ganzheetlech Betribsberodung gefuerdert, déi et erlabe géif, fir an de Betriber un de klenge Schrauwen ze dréinen. Leider

si mir am Moment zu Lëtzebuerg just amgaangen de Contraire ze maachen, dat doduerch datt mir déi produktiounstechnesch a wirtschaftlech Berodungsdéngschter a verschidden Organisatiounen opdeelen.

### **Berodung & Wëssenstransfert**

Iwwerhaapt ass et ze bedauern, datt mir a Punkto Berodung, Recherche an Wëssenstransfert an der Landwirtschaft net gewëllt sinn, fir méi öffentlech Gelder ze investéieren. Et ass scho laang gewosst, datt eng staark Berodung a Recherche, d'Secteur wirtschaftlech stäerken. Mir gesinn an eiser Berodung, déi mir gemeinsam mam Oekozynter duerchféieren, dass dëst de richteg Wee ass, well de Beroder betribspezifesch Léisunge mat de Baueren ausschafft, déi d'Baueren dann och ëmsetze wëllen. Grad mat deene ville Problemer, déi an deene leschte Méint opgetruede sinn, misst d'Zuel vun de Beroder dach direkt opgestockt ginn!

Et ass just iwwert dee Wee, wéi mir déi Erausforderunge vun der Zukunft - sief dat de Waasserschutz oder de Naturschutz - mee och déi ökonomesch Kompetitivitéit, stäerken. Mir fuerderen, datt déi öffentlech Finanzmëttelen am Beräich vun der Recherche an der Berodung an d'Luucht gesat ginn, fir eng nohalteg Landwirtschaft zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen.

Zum Schluss wëlle mir nach emol betounen, datt déi Fuerderungen an Iwwerleeungen - déi mir elo virbruecht hunn - guer net aus der Loft gegruff, mee absolut néideg sinn, fir datt jonk Leit sech weiderhin op hire Familljebetriber néierloossen. Mir maachen een Opruff un Iech, Här Minister, ze handelen an eis Fuerderungen an der Regierung virunzebréngen, fir datt déi jonk Baueren erkennen, datt si och an Zukunft nach hei am Land gebraucht ginn!